LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 09 FEV. 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

REÇU
Par Alff Christian , 12:31, 09/02/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3493 du 21 janvier 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les travailleurs handicapés, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°3493 vum 21. Januar 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwer Aarbechtskräfte mat engem Statut handicapé**

1. *Ginn déi 5% beim CFL respektéiert? Falls net, wéivill Persoune mat engem Statut handicapé missten agestallt ginn, fir dës Quot ze erreechen?*

D'Äntwert op dësen Deel vun der parlamentarescher Fro verlaangt ee Versteesdemech vum innerbetribleche Fonktionnement vun der CFL.

D'CFL ass ee grousse Betrib mat ganz vill verschiddene Carrièren:

Engersäits ginn et Carrièren déi direkt oder indirekt de Beräich Sécherheet betreffen a wou dofir ganz strikt Reegelen/Krittären a punkto Aptitudes médicales besti fir Mataarbechter déi an deene Beräicher aktiv sinn.

Anerersäits ginn et och zuelräich Beuffsbiller déi ee kierperlechen/manuellen Asaz, bezéiungsweis Schichtaarbecht erfuerderen.

Eng Rei vun eise Mataarbechter kënnen hirem Beruff net iwwer en ganz Lafbunn nokomme well se gesondheetlech Aschränkunge kréien déi dëst net méi erlaben.

All concernéiert Mataarbechter ginn an där Situatioun iwwert eng CFL-intern Prozedur en Charge geholl, a bei definitiver "Inaptitude au poste de travail" entspriechend de résiduelle Kapazitéiten duerch d'Aarbechtsmedezin vun der CFL oder/an op Decisioun vun der Commission des Pensions intern op een adaptéierte Poste reklasséiert. D'Orientatioun an d'Integratioun op een neie, vakante Posten, dee konform ass mat de medezinesche Restriktioune, gëtt vum Service "Recrutement & Accompagnement Carrière" vun der CFL assuréiert.

Obschonn dës Mataarbechter zum gréissten Deel net offiziell de Statut handicapé ugefrot hunn, si si mat anzerechnen, wann een d'Quote vu 5% vérifizéiert. Effektiv erfëllen dës Leit déi selwescht Konditioune wéi déi, déi de Statut vum Travailleur handicapé ufroen: si sinn apte fir een Emploi um Aarbechtsmaart auszeüben, si hunn eng Reduktioun vun hirer Aarbechtskapazitéit vun op mannst 30% a si befanne sech an engem stabele Gensondheetszoustand.

Op den 31. Dezember 2020 waren op der CFL 21 Persounen am Statut handicapé an 186 Persounen am Statut agent reclassé. Dat maachen 207 Persounen op eng Gesamtpopulatioun op der CFL vun 3 573. De Prozentsaz vu Leit mat Statut handicapé respektiv reclassé ensprécht also 5,79%. Domat ass d'CFL konform zum genannten Artikel L 562-3 vum Code du Travail.

2. *An wéi engem Service schaffe, prozentual gesinn, déi meeschte Persoune mat engem Statut Handicapé?*

Déi meeschte Persoune mat engem Statut handicapé respektiv reclassé schaffen aktuell prozentual gesinn am Service Recrutement & Accompagnement Carrière (32%), an de Servicer Qualité a Secrétariat Général (15%), am Service RH (12%) respektiv am Service Exploitation Infrastructure (10,5%).

*An wéi engem Service schaffe, prozentual gesinn, am mannste Persoune mat engem Statut handicapé?*

Déi mannste Persoune mat engem Statut handicapé respectiv reclassé schaffen aktuell prozentual gesinn an de Servicer Formation & Développement, Audit Interne, Sécurité & Environnement a Juridique & Assurances mat jeeweils 0%.